Version
française
pp. 5-8

GEMENG MÄERZEG

Mertzig, juillet 2025

# AVIS AU PUBLIC - Info Chantiers

## I. Méchelbucherstrooss / *Rue de Michelbouch*


De grousse Chantier ass elo a sénger 1. Phas ofgeschloss. Mir soe merci fir d'Gedold a si frou dass e.a. d'Haaptdrénkwaasserleitung elo nees a perfektem Zoustand ass. An Zesummenaarbecht mat „Ponts & Chaussées" gouf d'Verkéiers- a Foussgängersécherheet optimiséiert. D'„Trottoirs traversants" aus de Niewestroossen waren eng Obligatioun fir d'Autorisatiounen ze kréien. D'Strooss ass elo fit fir déi nächst 50 Joer! Déi 2. Phas am änneschten Deel gëtt am Hierscht/Wanter ofgeschloss. D'Parkplazen laanscht Strooss bei der „Aler Post" sinn eng Obligatioun vu „Ponts & Chaussées".





Am Agang fir an eis Gemeng ass mat „Ponts & Chaussées" eng Verkéiersberouegung zeréckbehal gi fir dass manner gerannt gëtt. Am Beräich vum Themewee an dem Bësch Säitert ass e klengen ökologesche Parking amenagéiert ginn mat enger ëffentlecher Toilette.





# II. Bëschkierfecht a Mardellepad

De neie Bëschkierfecht an de Mardellepad, een didaktesche Pad mat 9 Statiounen am Natura 2000 Gebidd, si mam Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, der Asbl Op Der Schock an de Schoulkanner ageweit ginn. D'Reglement vum Bëschkierfecht ass zanter dem 15. Juli 2025 applikabel an op mertzig.lu disponibel.







# III. Entrepôt „Butzebierg"

D'Aarbechten um Entrepôt „Butzebierg" sinn ofgeschloss an de Site ass optimiséiert ginn mat moderne Réseauen, dem Kanal an engem proppere Belag.





Administration communale de Mertzig
22, rue Principale L-9168 Mertzig
T 83 82 44 – 1 // commune@mertzig.lu // www.mertzig.lu

## IV. Rue Zechel

D'Aarbechten an der „Zechel" gi nom Kollektivcongé, ab dem 25. August 2025, weider a solle bis zum Enn vum Joer ofgeschloss sinn. D'Phas vum Chantier ass fir keen einfach, mee mir sollen eis op déi nei Strooss a modern Réseaue freeën.





## V. PAP Rue de Dellen - Bezuelbare Wunnraum

D'Infrastrukturaarbechten vum Projet „Bezuelbare Wunnraum" sinn ofgeschloss an d'Strooss ass nees fir de Verkéier op. D'Ausschreiwung fir d'Bauen vu 6 jumeléierten Eefamilljenhaiser ass gemaach. Déi mam Ministère fir Wunnengsbau a Landesplanung konventionéiert Haiser stinn zum Verkaf zu engem käschtegënschtegen Tarif. All d'Informatiounen dozou sinn op engem separate Flyer an op mertzig.lu.







Administration communale de Mertzig
22, rue Principale L-9168 Mertzig
T 83 82 44 – 1 // commune@mertzig.lu // www.mertzig.lu

# VI. Haaptstrooss a nei Schoul – Maison Relais

Am Kader vun der Verkéierssécherheet op der Haaptstrooss huet de Gemengerot eestëmmeg, mam Accord vu „Ponts & Chaussées“ an dem Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, eng 30$^{er}$ Zon gestëmmt op engem Tronçon vun 360m, vun der Gemeng bis bei d’Kierch. D’Prioritéit ass d’Sécherheet vun de Foussgänger, de Schoulkanner an de Vëlosfuerer. Fir d’Chauffeuren vun all de Gefirer gëlt et méi lues ze maachen. D’Ausschreiwung fir dëse Projet ass och ofgeschloss an d’Aarbechten fänken dësen Hierscht un. De Chantier vun der neier Schoul – Maison Relais leeft no Plang. Déi nei Schoulinfrastruktur an d’Strooss sinn am Summer 2026 fäerdeg an d’Rentrée 2026/2027 fënnt dann an der neier Schoul statt!




No enger Rei vu Workshops an engem partizipative Prozess mat de Schoulkanner, den Elterevertrieder an all de Schoulpartner ass d’Planung vun den Alentouren an dem neie naturnoe Schoulhaff och gutt fortgeschratt a mir hunn virum Summer e kompletten Dossier am Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit eragereecht am Kader vum Appel à projets „Méi Natur an eise Schoulhäff“. Wann alles no Plang verleeft, ginn d’Container ab der Rentrée 2026/2027 ofgeriicht an d’Aarbechten vum neie Schoulhaff an der Natur fänken un.

Merci fir d’Gedold. Mir an eis Servicer stinn zu all Moment zur Verfügung.

De Schäfferot mat de Gemengenservicer

# AVIS AU PUBLIC - Info Chantiers

## I. *Rue de Michelbouch*

*La première phase du chantier d'envergure est désormais terminée. Nous vous remercions de votre patience et nous sommes soulagés que le réseau de l'eau potable soit à nouveau en parfait état. En collaboration avec l'Administration des Ponts et Chaussées, la circulation et la sécurité des piétons ont été optimisées. Les « trottoirs traversants » étaient une condition afin d'obtenir les autorisations. Nous espérons que la nouvelle rue tiendra maintenant le coup pour les prochains 50 ans! La deuxième phase, dans la partie inférieure, sera achevée à l'automne/hiver. L'aménagement des places de stationnement le long de la rue, au niveau de l'ancienne Poste, étaient également la seule alternative possible pour obtenir l'autorisation de l'Administration des Ponts et Chaussées.*





*À l'entrée de notre Commune, l'Administration des Ponts et Chaussées a mis un place un « frein à la vitesse ». Dans le cadre de ce réaménagement, un parking écologique avec des toilettes publiques a été mis en place.*





## II. Cimetière forestier et sentier pédagogique

*Le nouveau cimetière forestier et le « Mardellepad », un sentier pédagogique avec 9 stations dans la zone Natura 2000, ont été inaugurés avec le ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité, l'association « Op Der Schock » et les écoliers. Le règlement concernant le cimetière forestier est en vigueur depuis le 15 juillet 2025 et est disponible sur mertzig.lu.*







## III. Entrepôt „Butzebierg"

*Les travaux d'infrastructure à l'entrepôt « Butzebierg » sont achevés et le site a été optimisé avec des réseaux modernes, une canalisation et une surface asphalté.*



# IV. Rue Zechel

*Les travaux dans la rue Zechel se poursuivront après le congé collectif, à compter du 25 août 2025, et devraient être achevés d'ici la fin de l'année. Le chantier est difficile pour tout un chacun, mais nous pouvons dès à présent nous réjouir de la nouvelle rue et des réseaux modernes.*





# V. PAP Rue de Dellen – Logement abordable

*Les travaux d'infrastructure du projet « Logement abordable » sont terminés et la rue est à nouveau ouverte à la circulation. La soumission publique pour la construction de six maisons individuelles jumelées a été organisée. Les maisons sont proposées à la vente à un prix avantageux, suite à une convention avec le Ministère du Logement et de l'Aménagement du territoire. Toutes les informations sont disponibles sur un dépliant à part et sur mertzig.lu.*







Administration communale de Mertzig
22, rue Principale L-9168 Mertzig
T 83 82 44 – 1 // commune@mertzig.lu // www.mertzig.lu

# VI. Rue Principale et nouveau complexe scolaire

*Dans le cadre de la sécurité routière sur la Rue Principale, le Conseil communal a voté à l'unanimité, avec l'accord de l'Administration des Ponts et Chaussées et du Ministère de la Mobilité et des Travaux Publics, l'aménagement d'une zone à 30 km/h sur un tronçon de 360m allant de la Mairie jusqu'à l'Église. La priorité est accordée à la sécurité des piétons, des écoliers et des cyclistes. Les conducteurs de tous les véhicules sont priés de ralentir. La soumission publique pour ce projet est également clôturée et les travaux débuteront cet automne. Le chantier de la nouvelle École – Maison Relais avance toujours comme prévu. Les nouvelles infrastructures scolaires et la voirie seront achevées à l'été 2026 et la rentrée scolaire 2026/2027 aura donc lieu dans la nouvelle École !*




*Après une série d'ateliers dans le cadre du processus participatif avec les écoliers, les représentants des parents d'élèves et tous les partenaires scolaires, la planification de la nouvelle cour d'école dans la nature a bien avancé. Nous avons déposé le dossier complet au ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité dans le cadre de l'appel à projets « Plus de nature dans nos cours d'école ». Si le chantier avance comme prévu, les conteneurs seront démontés à partir de la rentrée 2026/2027 et les travaux de la nouvelle cour d'école pourront commencer.*

*Merci pour votre patience. Nos services et nous-mêmes restons à votre disposition à tout moment.*

*Le Collège des Bourgmestre et Échevins avec les Services communaux*



Administration communale de Mertzig
22, rue Principale L-9168 Mertzig
T 83 82 44 – 1 // commune@mertzig.lu // www.mertzig.lu